# L’égalité des femmes et des hommes dans le développement local
# Conférence à Junglinster, le 19 octobre 2009

**Discours de Madame Françoise Hetto-Gaasch,**
**Ministre de l’Égalité des chances**

**Seul le discours prononcé fait foi**

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Dir Dammen an Hären Interesséiert um Thema :

Wéi gët Gläichstellung vu Fraen a Männer an der Gemengepolitik konkret ëmgesat?

Ech sinn haut als al Buurgermeeschtesch an als nei Ministesch vun der Chancengläichheet duebel gefuerdert.

Als fréier Buurgermeeschtesch wees ech, wéi schwiereg et ass d’Thema Gläichstellung vun Fraen a Männer an dat alldeeglecht Gemengegeschäft eranzebrengen. Ech wees och, dat d’Kommissiounen keng Wonner kënne wiirken, trotz allem gudde Wëllen.

Haut ginn di 4 Organisateuren vun dëser Konferenz Iech gezilt Ustéiss fir d’Gläichstellungspolitik konkret ëmzesetzen. Ech si besonnesch frou iwwer d’Partnerschaft vun den zwee Ministèren, dem Chancengläichheetsministère, dem Intérieur, mat dem Syvicol an dem Conseil National des Femmes du Luxembourg. Mir hunn eis Kräften, dat gesidd Dir an der Begleitbrochür zur Charta, gebündelt a wëllen datt den Owend jiddereen d’Offer vun deenen eenzelne kennt.

De Chancegläichheetsministère bidd op sengem Internetsite folgend Instrumenten un:

1. en Diagramm zur Struktur vun der Gemengepolitik, di fir all Politik gëllt.
2. e Formulaire fir d'Bestandsopnahm vun der Bevölkerung no Geschlecht, no Alter, no Nationalitéit. D'Gemengepolitik baséiert op enger gudder Kenntnis vu senger Bevölkerung an de Leit, di an de Gemengeservicer schaffen. D'Bestandsopnahm ass breetgefächert ze notzen.
3. e Formulaire fir d'Gläichstellungspolitik an hirer Emsetzung anzeschätzen – also eng Selbstkritik souzesoën. Hu mer e kloert Engagement oder net?
4. eng Method fir Projetën unzegoën a 4 Etappen : Bestandsopnahm, Planung matt Ziiler, Emsetzung vu Moossnahmen an Evaluatioun : Wat huet et bruecht?

Dës Instrumenter si Bestanddeel vun de Formatiounen, di den INAP ubidd an di obligatoresch gi fir d'Gemengepersonal. Dës Instrumenter kann all Gemeng käschtefräi vum Site eroflueden.

No dëser Konferenz kënnt e 5. Instrument derbäi, en einfache Plang fir d'Charta ëmzesetzen.

D'Atelierën vun haut gin Erläuterungen derzou.

Wat fir Moosnahmen si fir mech am wichtegsten?

D'Engagement vum Schefferot setzen ech viraus.

1. d’Bestandsopnahm vun der Populatioun an de Gemengeservicer. D’Gemeng ass Acteur a Patron zugläich
2. d’Formatioun vun de politeschen Verantwortlechen an dem Gemengepersonal - Si droën d’Emsetzung vun der Politik
3. de Gläichstellungsplang : Alles wat am wäitesten Sënn mat Mënschen ze doën huet ass betraff:

   d’Schoulen, d’Kannerbetreiung, d’Betreiung vun den eelere Leit, d’Aktivitéitszonen well si beschäftegen Leit, den Transport, d’Veräiner, d’Bebauungspläng asw.

J’aimerai remercier particulièrement Madame Françoise Gaspard d’avoir accepté notre invitation à cette conférence. Je crois que nous pouvons profiter de son savoir en matière de politiques d’égalité des femmes et des hommes et d’ancienne maire de Dreux.

Ich möchte mich auch bedanken bei Herrn Wolfgang Erichson, Bürgermeister von Heidelberg, der zusammen mit Frau Dörthe Domzig, der Verantwortlichen des dortigen Chancengleichheitsdienstes uns die politischen Hintergründe des Gleichstellungsplanes, sowie auch den Weg der Umsetzung vorstellen werden.

E grousse Merci geet un d’Renée Wagner, de Marc Müller, de Marco Morgante, di haut mat Iech zesummen hirt Wëssen an d’Ausschaffen vun engem Gläichstellungsplang brengen.

Ech wënschen Iech eng interessant Konferenz an e schéinen Dag zu Lënster.